



devoirs de toute organisation par rapport à la prévention de mobbing/harcèlement moral sur le lieu de travail, ainsi que la détection et gestion efficace de cas de «mobbing»

Dépôt: 03.03.2015 par M. Jean-Claude Bisenius  
Pétition n°492 - Fir e sënnavollen „Stage d'entrée en fonction" an der Grondschoul

Dépôt: 26.02.2015 par Mme Sonja Delli Zotti, OGBL-SEW

Demande de pétition publique n°493 - Ech wëll, datt an eisem Land d'Fach Lëtzebuergesch als en obligatorescht Haaptfach an der Schoul ugebuede gëtt.

Dépôt: 07.03.2015 par M. Pierre Turk

4) Sur demande du Gouvernement et par arrêté grand-ducal de retrait du 7 juillet 2010, le projet de loi n°5400 modifiant la loi modifiée du 27 juillet 1992 relative à la participation du Grand-Duché de Luxembourg à des opérations pour le maintien de la paix (OMP) dans le cadre d'organisations internationales a été retiré du rôle des affaires de la Chambre des Députés en date du 5 mars 2015.

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

### 3. 6781 - Proposition de loi portant modification de la loi modifiée du 23 octobre 2008 sur la nationalité luxembourgeoise et portant abrogation de la loi du 7 juin 1989 relative à la transposition des noms et pré-noms des personnes qui acquièrent ou recouvrent la nationalité luxembourgeoise

#### Déclaration de recevabilité

Dann hunn ech der Chamber matzedeelen, dass d'Presidentekonferenz an hirer Sëtzung vum 5. Mäerz sech iwwert d'Recevabilitéit vun der Proposition de loi 6781, déi d'Gesetz iwwert d'Lëtzebuurger Nationalitéit ofännert, ausgeschwat huet. Déi Proposition de loi gouf de 24. Februar vum Här Claude Wiseler déponéiert. An d'Presidentekonferenz huet sech fir d'Recevabilitéit ausgeschwat.

Deelt d'Chamber déi Meenung?

#### (Assentiment)

Voilà, dann ass dat esou décidéiert.

### 4. Changement de composition d'une commission parlementaire

Dann hunn ech lech e Changement an enger parlamentarescher Kommissioun matzedeelen. Bei der Commission du Règlement huet d'CSV-Fraktioun an hirem Bréif vum 5. Mäerz 2015 ugefrot, dass den Här Marco Schank den Här Léon Gloden all Kéiers fir de Punkt vun der Proposition de modification vum Règlement 6690 iwwert d'Petitionsprozedur ersetzt, an dat bis um Enn vun deenen Diskussiounen an der Kommissioun.

Ass d'Chamber och mat där doter proposéierter Modifikatioun d'accord?

#### (Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

### 5. Ordre du jour

Dann huet d'Presidentekonferenz an hirer selwechter Sëtzung den Ordre du jour festgeluecht fir haut de Mëtteg. Dir hutt deen zougestallt kritt, soudass ech en net brauch opzezielen.

Sidd Der mam Ordre du jour d'accord?

Ech hunn eng Wuertmeldung vum Här Turpel. Den Här Turpel huet d'Wuert.

► **M. Justin Turpel** (déi Lénk).- Merci, Här President. Ech géif proposéieren, eng Ännerung um Ordre du jour ze maachen. Mir hunn net esou vill um Ordre du jour an et ass och elo nëmmen een Dag virgesinn, wou der ursprénglech dräi virgesi waren. An zwar betrëfft dat déi Interpellatioun, déi mer gefrot hunn iwwer LuxLeaks. Et ass esou, datt LuxLeaks een aktuell Thema ass. LuxLeaks huet vum November un d'Welt gerëselt, d'Finanzwelt op jidde Fall, mä awer och vill Leit zu Lëtzebuerg, déi op eemol festgestallt hunn, datt hei Firmaen ugesiedelt sinn, déi manner Steiere bezuele wéi en normalen Aarbechter.

A wat och schnell kloer ginn ass, ech mengen, doriwwer si mer eis all eens, dat ass, datt

LuxLeaks net nëmmen e Problem vu Steieroptiméierung zu Lëtzebuerg ass, mä datt do vill méi Länner beträff sinn, datt et een europäesche Problem ass. Och wann d'Konkurrenz tëschent de Staten, déi weider besteet, heiansdo esou maache léisst, wéi wann et awer nëmmen ee Problem vu Lëtzebuerg wier.

Et muss ee wëssen, an Dir wësst dat, datt an Europa dausend Milliarden Euro all Joers de State verluer ginn duerch esou Praxisse vu Steieroptiméierung. An datt Lëtzebuerg do eng Roll spillt, ass evident.

Ech wëll erënneren un d'Wierder vum Ausseminister Jean Asselborn, dee gesot huet, datt eigentlech och zu Lëtzebuerg misst Schluss si mat esou Steiertricksereien. An ech mengen, et ass wichteg, datt mer offen zesummen driwwer schwätzen, wéi eng Tricksereien datt dat sinn, an doriwwer diskutéieren. Lëtzebuerg huet och versprach iwwerall, fir sech ze verbesseren, wéi et heescht. Mä mir sollen driwwer diskutéieren, wat mer wëlle verbesseren a wat net. Och doriwwer solle mer offe schwätzen.

Ech proposéieren, déi Diskussioun elo ze féieren, net - fir datt kee Malentendu opkënn - net well ech am Abrëll net méi Member wäert si vun dëser Chamber. Ech sinn iwwerzeegt, datt mäin Nofolger, mam Serge zesummen, dat mindestens grad esou gutt mécht. Mä ech proposéieren, dat elo ze maachen, well et aktuell ass a well mer näischt ze verstopen hunn.

Dir wësst, datt d'EU-Kommissioun amgaangen ass, eng Enquête ze maachen. Dir wësst och, datt d'Europaparlament eng Spezialkommissioun agesat huet, déi sech gëschter Owend een Aarbechtsprogramm ginn huet, deen och virgesäit, datt se an eenzel Länner ginn, datt se mat nationale Parlamenten wëlle schwätzen. Lëtzebuerg ass opgezielt gi bei den nationale Parlamenten, och wann den Aarbechtsprogramm elo eréischt an zwou Woche genee festgeluecht gëtt.

A fir eis ass et wichteg, datt mer déi Diskussioun och an eiser Chamber net weider verschieben. Mir hunn eng Rei Diskussiounen gefouert a Kommissiounen, zum Deel hanner zouenen Dieren. An déi Diskussioun, déi soll elo op déi transparent Aart a Weis déi Froen opwerfen an der Steierpolitik, déi eben noutwenderweis an deem Kontext mussen diskutéiert ginn.

Et ass och esou, datt d'Europaparlament, d'Spezialkommissioun sech virgeholl huet, fir alles opzeschaffen, wat sech do hannendru vu Mechanisme verstoppt, an och Virschléi ze maachen, wéi esou Saachen an Zukunft kënnen verhënnert ginn. Mir sollen net waarden, bis datt déi Spezialkommissioun op Lëtzebuerg kënnt. Mir solle virdrun offen driwwer schwätzen.

An dowéinst géif ech lech proposéieren, datt mer den Ordre du jour vun dëser Séance géifen deementspreechend upassen, datt mer géifen effektiv dann dee Punkt haut oder - firwat net? - muer, well esou vill hu mer net um Ordre du jour, derbäisetzen. Ech mengen, un der Zäit feelt et net. Et ass éischter eng Saach vu Wëllen. A wann ech richteg verstanen hat, hat d'Conférence des Présidents jo och de Minister, deen zoustänneg ass fir d'Relatioun mam Parlament, gefrot, e soll op Säit vun der Regierung kucken, wéi et méiglech wier, fir déi Debatt do esou schnell ewéi méiglech ze féieren.

Ech mengen, den Zäitpunkt ass do a mir sollen dat net méi verschieben. Ech géif lech Merci soen, wa mer dat esou kéinte maachen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Turpel. Aner Wuertmeldungen? Den Här Justizminister huet d'Wuert.

► **M. Félix Braz**, *Ministre de la Justice*.- Merci, Här President. D'Regierung ass net der Meinung, dass ee soll den Ordre du jour vun haut änneren. Mä et ass Är Décisioun.

Déi Diskussioun, déi vum Här Turpel gewënscht gëtt, ass eng Diskussioun, vun där d'Regierung och der Meinung ass, dass mer se solle féieren. Et ass eng wichteg Diskussioun. Et ass och de Moie schonn ugefrot gi beim zoustännegen Minister, dem Här Gramegna, wéini dass dat mat sengem Agenda kompatibel wier. An en huet kee Problem, fir am Laf vum Mount Abrëll en Datum och ze fannen. Wéi gesot, en fonction vu sengen, am Moment, ganz zahlreichen internationalen Engagementer, déi hie muss honnéieren.

D'Regierung wëllt déi do Diskussioun esou séier wéi méiglech féieren, do gëtt et keen Dis-sens tëschent dem Auteur vun der Interpellatioun an der Regierung. Mir froen awer Versteedsdemech dofir, dass mer net kënnen elo um zwou eng Décisioun huelen, fir esou eng seriö Diskussioun, wa se da wierklech soll seriö gefouert ginn, dass mer déi dann am Laf vun deem Nomëtteg nach sollte féieren. Ech mengen, dat geet net wierklech gutt.

Awer vun der Regierung hirer Säit aus ass de Wëllen do, fir déi do Diskussioun ganz séier ze

féieren. Vläch och nach a Präsenz vum Här Turpel selwer. Also, et geet hei net drëms, dass en anere fir déi Lénk muss schwätzen.

Dofir hätte mer, wann Der d'accord sidd, Här President, selbstverständlech Verständnis fir d'Demande, mä mir géifen dann och ëm e bësse Verständnis derfir bieten, dass mer déi do Debatt kënnen seriö preparéieren an, en fonction vum Agenda vum Här Gramegna, da ganz séier am Abrëll bereet sinn, déi heibanne mat lech ze féieren.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Justizminister. Soss keng aner Wuertmeldungen? Jo, den Här Turpel.

► **M. Justin Turpel** (déi Lénk).- Jo, ech géif Merci soen, datt mer et da fäerdegbréngen, am Abrëll déi Debatt awer dann ze féieren. Ech sinn och frou, datt d'Regierung unerkennt, datt et noutwendeg ass, fir déi Debatt do offen ze féieren. Et ass bedauerlech, datt mer elo esou laang gebraucht hunn. Mä ech sinn da frou, wa mer dat am Abrëll kënnen maachen.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Turpel. Ech kann och nëmme bestätegen, dass d'Presidentekonferenz, déi lescht Presidentekonferenz och intervenéiert ass, fir dass mer en Datum vun der Regierung kréie fir déi doten Interpellatioun. Voilà, et ass alles gesot.

An ech géif dann d'Fro stellen, wie mam vun der Presidentekonferenz festgeluechten Ordre du jour d'accord ass.

Ass en elektronische Vote gefrot, Här Turpel?

#### (Négation)

Gutt, da maache mer dat mat erhuewener Hand.

#### Vote sur l'ordre du jour

Wie mam Ordre du jour d'accord ass, wéi e vun der Presidentekonferenz virgeschloen ass, Hand an d'Luucht! Géigeprouf. Jo, dat schéngt mer eng Majoritéit ze sinn.

#### (Interruption)

Also bleiwe mer bei eisem Ordre du jour.

An déi Dagesuerdnung geet u mat enger Froestonn un d'Regierung, wou ofwiesselnd Deputéierte vu Majoritéit an Opposition zum Zuch kommen. An ech wëll nach eng Kéier drun erënneren, dass de Froesteller zwou Minutten huet an d'Regierung der véier. Dat si keng dräi oder fënnf. Dat sinn der zwou a véier.

Voilà, dat gesot, géife mer zu der éischter Fro kommen, wou mer direkt dräi Froesteller hunn, déi Froen zu deem Sujet eraginn hunn. An ech wollt dann do mat der Stoppauer fueren. Déi éischt Fro, déi erakomm ass, ass déi vun der Madame Dall'Agnol. An do geet et ëm d'Mobilitéitskaart, „mKaart“ genannt. Madame Dall'Agnol, Dir hutt d'Wuert.

### 6. Heure de questions au Gouvernement

- **Question n°89 du 9 mars 2015 de M. Gusty Graas relative à la carte de mobilité dite «mKaart», adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures**

- **Question n°90 du 11 mars 2015 de M. Serge Wilmes relative au fonctionnement de la «mKaart», adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures**

- **Question écrite n°968 du 9 mars 2015 de Mme Claudia Dall'Agnol relative au fonctionnement de la «mKaart», adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures**

► **Mme Claudia Dall'Agnol** (LSAP).- Jo, Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre Ministeren, wéi gesot, et sinn dräi Leit, déi déi nämlechte Fro gestallt hunn. Mir hunn also am Ganze sechs Minutten, fir déi ganz Froen ënnerzebréngen. Ech wäert mech dann och bewusst kuerzfaassen. Ech mengen, Dir wësst allegueren, datt zënter Juni 2014 den e-go duerch d'mKaart ersat ginn ass. Fir déi Leit, déi dat net wëssen: Dat ass, wann Der Zuch oder Bus fuert, fir Ären Ticket dropzelueden, eng elektronesch Kaart.

Elo ass et awer esou, datt et Problemer gi mat deene Bornen, déi déi Tickete solle liesen. Ech selwer hunn alt schonn emol d'Erfahrung gemaach, datt d'Borne iwwerhaupt net gaangen ass. Du sinn ech bei de Schaffner gaangen an hu gefrot, ob e mer kéint mäin Ticket entwaerten. Dat ass awer allerdéngs och net gaangen. Du sinn ech dann alt bis an d'Stad schwaarzgefuer.

► **Plusieurs voix**.- Ooh!

► **Mme Claudia Dall'Agnol** (LSAP).- Ech ginn dat elo hei zou!

#### (Brouhaha général)

Dir hutt dat notéiert, de Schaffner huet et och notéiert an huet och gemellt, datt d'Borne net géif goen. Ech hoffen alt, datt déi puer Honnert Leit, déi no mir vun Diddeleng an d'Stad gefuer sinn, dat net och hu misse maachen! Dat kann ech awer leider net nokontrolléieren.

Duerfir wëll ech lech froen, Här Minister: Hutt Dir Kenntnis dovunner, datt et Problemer beim Liese vun den Tickete gëtt, respektiv och, wéi ech elo grad gesot hunn, datt Bornen Informatiksfeeler hunn an emol ausfalen? Hutt Dir lech selwer en Délai gesat, fir dat doten ze kontrolléieren?

Handelt et sech vläch och nëmmen ëm Ufanksschwieregkeeten, wann ee weess, datt dee System jo nach net esou laang a Betrib ass?

A vläch als Lescht nach: Ass och dru geduecht ginn, fir vläch de System nach e bësse méi user-friendly ze maachen?

Domat géif ech lech Merci soen, an déi nächst zwee Riedner hu sécherlech nach e puer Froen un lech.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci der Madame Dall'Agnol. Nächsten an der Rei ass dann den Här Gusty Graas.

► **M. Gusty Graas** (DP).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, vu datt ech da méi lues si mat der Stoppauer, mengen ech, maachen ech dat och vun hei ënnen, well ier ech bis douewe sinn an erëm erof sinn, da wier d'Zäit schonn erëm ëm.

D'Madame Dall'Agnol huet u sech déi wesentlech Froen hei gestallt. Et ware jo elo e puer Artikelen an der Press, déi sech och e bësse widersprach hunn. De Moie konnt een nach liesen, datt de Verkéiersverbond och Positioun bezunn huet. Deen huet dat Ganzt relativéiert.

Ech muss mech uschlëssen. Ech hunn och schonn e puer méi schlecht Erfarunge mat menger Kaart gemaach, hat allerdéngs net de Courage, fir schwaarzzufueren.

► **Plusieurs voix**.- Aah!

► **M. Gusty Graas** (DP).- Mä duerfir hoffen ech awer, wéi gesot, duerfir hoffen ech, datt de System ugepasst gëtt.

Mä vläch awer nach eng zousätzlech Fro, déi nach net hei gestallt ginn ass: Déi Kaart huet jo eng gewësse Multifunktionalitéit. An an engem Artikel an der Press ass eriwuerkomm, datt u sech eng ganz Rei Benotzer dat net wëssen oder net wëssen, domadder ëmzegoen. Dowéinst meng zousätzlech Fro nach, Här Minister: Ass dat esou, datt vläch nach muss méi Informatioun gemaach ginn, datt d'Leit och musse genee informéiert ginn, wéi déi Kaart dann an Zukunft soll benotzt ginn?

Mä wéi gesot, et wier wichteg, wann dat awer do géif nogekuckt ginn, well et ass e wesentlechen Aspekt vum ëffentlechen Transport. A wann ee mat esou enger Kaart op eemol awer Problemer kritt, fir sech ze déplacéieren, dann huet dat net onbedéngt e positiven Effet op d'Notze vu Bus an Zuch.

Ech soen lech Merci.

► **M. Alexander Krieps** (DP).- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Graas. An dann den Här Serge Wilmes.

► **M. Serge Wilmes** (CSV).- Jo, Merci, Här President. Ech kann et kuerz maachen: Ech schlësse mech deene Froe vun de Kolleegen un, well et waren déi, déi ech och hunn. Dofir kuerz a bündeg: déiselwecht Froe wéi si un de Minister.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. An dann huet den Nohaltegkeetsminister, den Här François Bausch, d'Wuert.

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Merci, Här President, fir d'Wuert. Ech ginn dann dovun aus, datt d'Madame Dall'Agnol, datt déi jo d'parlamentaresch Immunitéit huet an duerfir nach näischt u se kënnt dës Kéier!

#### (Hilarité et interruptions)

Si huet hei um Pult et zouginn.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Net dass Der se a flagranti erwëscht!

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Se ass jo net a flagranti erwëscht ginn. Neen, Spaass bäisäit, ech mengen, d'Fro ass berechtigt an ech sinn och eigentlech den Deputéierten dankbar, datt se déi Fro hei gestallt hunn. Dat erlaabt mer, vläch nach e puer Prezisiounen ze ginn - wat mer awer schonn zum Deel versicht hunn ze ginn - par rapport zu deem klenge Problem, deen do opgedaucht ass.

An et ass e klenge Problem, duerfir huet et och kee Wäert, pauschaliséiert Aussoen ze maa-